

## Europäescht Parlament – 05.07.2018

D'Europäescht Parlament ass eent vun deenen zwee legislativen Organer vun der Europäescher Unioun, déi ofgekierzt EU genannt gëtt. Legislativ bedeit, dass hei d'Gesetzer, oder wéi se an der EU heeschen, d'Direktiven an d'Reglementer gestëmmt ginn. Dat anert legislatiivt Organ ass de Rot vun der Europäescher Unioun. Dëse besteet aus de verschiddene Ministeren aus den EU Memberstaaten. Wat genau d'EU ass a wat si mécht, kanns du an eisem viregte Bäitrag gewuer ginn.

Dem Europäesche Parlament säi Sëtz ass zu Stroossbuerg. Et gëtt awer och en zweete Plenarsall zu Bréssel. De Plenarsall ass dee Sall, wou d'Deputéiert sech versammelen, fir ofzestëmme an ze diskutéieren. Déi Deputéiert am Europäesche Parlament ginn Europadeputéiert genannt.

D'Sëtzunge vum Europäesche Parlament fannen also souwuel zu Bréssel wéi och zu Stroossbuerg statt, esou dass d'Europadeputéierte regelméisseg vun enger Stad an déi aner pendele mussen.

Haut ginn d'Direktiven an d'Reglementer an der Regel souwuel vum Parlament wéi och vum Rot vun der EU gestëmmt. Och de Budget vun der EU gëtt esou bestëmmt. Ouni Budget kann d'EU net funktionéieren. Dat ass also e wichtege Deel vum Europäesche Parlament senger Muecht. Allerdéngs gëtt et e puer Ausnamen, well a verschiddene Beräicher de Rot méi Muecht huet wéi d'Parlament. An deene Fäll muss de Rot sech net un d'Meenung vum Parlament halen. Dat ass zum Beispill de Fall bei internationale Verträge am Kader vun der gemeinschaftlecher Aussen- a Sécherheetspolitik vun der EU.

Gläichzäiteg huet d'Parlament och d'Aufgab fir d'EU-Kommissioun ze kontrolléieren. D'Kommissioun ass dat exekutiivt Organ vun der EU. Si këmmert sech ënnert anerem drëm, nei Direktiven a Règlementer virzeschloen an d'Politik vun der EU ëmzesetzen. Wat genau d'EU-Kommissioun ass, kanns du an engem vun eisen anere Bäitrag gewuer ginn.

D'Europäescht Parlament kann d'Kommissioun ofsetzen, wa genuch Europadeputéierten dofir stëmme. Och muss d'Kommissioun vum Parlament bestätegt ginn, fir un d'Muecht ze kommen. D'EU-Kommissioun an där hir Membere mussen dem Parlament och Ried an Äntwert stoen a si iwwert hir Aktivitéiten um Lafenden halen.

D'Europäescht Parlament ass dat eenzegt Organ vun der Europäescher Unioun, bei deem d'Memberen direkt bei den Europawahle vun den europäesche Biergerinnen a Bierger gewielt ginn. Am Ganze ginn et 750 Europadeputéierten an ee President oder eng Presidentin. Am Moment ass dat den Italiener Antonio Tajani. Virdu war et den Däitsche Martin Schulz, vun deem s du bestëmmt schonn héieren hues, well hien duerno an Däitschland fir d'Amt vum Bundeskanzler kandidéiert hat.